



**Waldbriedemes
Gondeleng
Trënteng
Ierseng
Réidt**

Nouvellen

Aus der Gemeng Waldbriedemes - Hierscht 2016

➡ Öffnungszeiten/Heures d'ouverture

	Bureau de la Population	Secrétariat	Service technique	Recette
Mo/Lu (matin/morgens)	09.00-12.00	09.00-12.00	rendez-vous 35 70 88-1	09.00-12.00
Mo/Lu (après-midi/nachmittags)	14.00-16.00	14.00-16.00		14.00-16.00
Di/Ma (matin/morgens)	09.00-12.00	09.00-12.00		—
Di/Ma (après-midi/nachmittags)	13.00-16.00	13.00-16.00		—
Mi/Me (matin/morgens)	09.00-12.00	09.00-12.00		09.00-12.00
Mi/Me (après-midi/nachmittags)	14.00-19.00	14.00-19.00		—
Do/Je (matin/morgens)	09.00-12.00	09.00-12.00		09.00-12.00
Do/Je (après-midi/nachmittags)	13.00-16.00	13.00-16.00		—
Fr/Ve (matin/morgens)	09.00-12.00	09.00-12.00		09.00-12.00
Fr/Ve (après-midi/nachmittags)	—	—		—

➡ Conseil Communal de Waldbredimus

Louis OBERHAG	1c, rue Principale L-5465 Waldbredimus	621 287 455	eoberhag@pt.lu
Martin BOHLER	18, rue Principale L-5460 Trintang	691 250 300	martin.bohler@vonet.lu
Thomas WOLTER	7, rue de l'Ecole L-5465 Waldbredimus	621 240 689	thomas.wolter@eurobeton.com
Gaston KNEPPER	36, rue Principale L-5442 Roedt	691 462 849	
Mariette LIPPERT	4, route de Remich L-5423 Ersange	621 350 030	
Jean-Claude RUPPERT	52, rue Principale L-5465 Waldbredimus	621 749 759	
Fabio SECCI	1A, rue du Kiem L-5465 Waldbredimus	621 170 844	

➡ Administration Communale de Waldbredimus 27, rue de l'Eglise L-5460 Trintang (Fax 35 70 88-30)

Bureau de la population:	Tanja REICHERT	35 70 88-21	secretariat@waldbredimus.lu
	Silvia BENTO	35 70 88-26	secretariat@waldbredimus.lu
Secrétaire communal:	Yves GORGES	35 70 88-20	secretariat@waldbredimus.lu
Recette communale:	Corina RICHARD-BEISSEL	35 70 88-22	recette@waldbredimus.lu
Service technique:	Charel Faltz	35 70 88-23	technique@waldbredimus.lu
Équipe des ouvriers:		691 654 499	

➡ Ecole Fondamentale de Trintang Adresse (Fax 35 84 31-60)

Cycle 1 (précoce)	Carla MURIAS Maggy LOMMEL Claudine HEMMEN	358431-20	Cycle 3.1	Laurence SERRES	358431-40
Cycle 1.1 + 1.2	Claudine REUTER Noémie BERNARDO	358431-21	Cycle 3.2	Michel STEFFEN	358431-23
Cycle 2.1	Danielle SCHOUX	358431-25	Cycle 4.1	Melanie HEMMEN	358431-31
Cycle 2.2	Sharon KRACK	358431-30	Cycle 4.2	Volker BECKER	358431-32
Schoulinспекter			Salles		
Marc SCHREINER		51 30 23-22	Salle de musique		35 84 31-22
Chargé de l'Inspection		51 30 23-21 (fax)	Salle des sports		35 84 31-41

➡ Service d'Incendie et de Sauvetage

SIS-CCW (Communes de Contern et Waldbredimus)	112
Chef de corps (Yves Schumacher)	621 352 089
Chef de corps adjoint (Bram Krieps)	661 820 789

➡ Adresses utiles

Dechant Marcel Pundel	23 66 91 41 / 691 719 798
Foyer du Jour Remich	23 69 77 96 - 6101
Syrdall Heem Niederanven	34 86 72
Club Senior Syrdall	26 35 25 45
Sécher doheem (Service Téléalarm)	26 32 66 (secherdoheem@shd.lu)
Repas sur roues	23 69 77 96-7
Jousefshaus Réimech	2368-7
Maison Relais	35 84 31 -50 / 661 358 431
Centre Culturel à Waldbredimus	23 67 63 20
Salle de musique à Waldbredimus	23 66 74 70

➡ Police

Commissariat de proximité Remich

2, rue de l'Europe
B.P. 33 L-5501 Remich
Téléphone: 2 44 77 200

Heures d'ouverture du lundi au vendredi
de 8.00 à 10.00 heures
et de 16.00 à 18.00 heures

Liebe Mitbürgerinnen und Mitbürger,



Wir freuen uns, Ihnen die 54. Ausgabe der Nouvelles überreichen zu dürfen, die Einblick in das Leben unserer Gemeinde in den Monaten von Mai bis September dieses Jahres gibt. Vielen Dank für Ihre Beiträge und Fotos.

Die Adventszeit und das Ende eines Jahres sind ein guter Zeitpunkt, einmal innezuhalten, zurückzublicken und sich bewusst zu machen, was alles in den letzten Monaten geschehen ist.

Unsere Gemeinde verändert sich. Im Wohngebiet „Hanner Lautesch“ ist der Baufortschritt unübersehbar. Mit der Erneuerung der Rue de Trintange konnte ein großer Teil der Häuser an das Gasnetz angeschlossen werden. Das Centre Culturel hat mit einem Lift einen barrierefreien Zugang erhalten.

Im Trintinger Tal sind ebenfalls viele neue Häuser und Wohnungen entstanden. Für unseren Technischen Gemeindeservice wurde eine neue Halle gebaut, um Maschinen und Geräte ordentlich unterstellen zu können.

Die Planungen und damit verbundenen Diskussionen für eine sinnvolle Vergrößerung unseres Schulgebäudes sind im vollen Gange. Weiterhin wird die Erneuerung verschiedener Straßen ins Auge gefasst.

Die Mitglieder des Schöffen- und Gemeinderates wünschen Ihnen und Ihren Familien ein Frohes Weihnachtsfest, erholsame Feiertage und Alles Gute für das Neue Jahr 2017.

Chers concitoyens,

Nous sommes heureux de vous présenter la 54e édition des 'Nouvelles' vous donnant un aperçu de la vie de notre communauté couvrant mai à septembre de cette année. Merci également pour vos messages et vos photos.

Le temps de l'avent et de fin d'année est un bon moment pour s'arrêter, regarder en arrière et s'informer des activités qui se sont déroulées au cours des derniers mois.

Notre commune évolue. Dans le quartier résidentiel „Hanner Lautesch“, les progrès sont visibles. Avec le renouvellement de la rue de Trintange, un grand nombre de maisons pourront désormais se connecter au réseau de gaz. Pour faciliter l'accès au Centre Culturel, un ascenseur vient d'y être aménagé.

Dans la vallée de Trintinger, de nombreux aménagements ont été réalisés. Pour le service technique, un nouveau hall a été construit afin d'y installer leurs machines et leurs équipements.

La planification de l'agrandissement de l'école est toujours à l'étude. En outre, le renouvellement de plusieurs routes est envisagé.

Le conseil échevinal et les membres du conseil communal vous souhaitent d'ores et déjà à vous et vos familles un joyeux Noël et de très bonnes fêtes de fin d'année. Tous nos vœux vous accompagnent pour 2017.

Autorisations de construire



	Nom/Société	Adresse	Objet de la Construction
06-2016	M. Jeannot BERNARD et Mme. Chantal MOCKEL	13, rue Jean Pierre Hippert L-5834 Hesperange	Construction d'une maison unifamiliale (Hinter Lautesch Lot 17)
13-2016	M. Steve KAYSER	1B, rue Principale L-5465 Waldbredimus	Extension + terrasse + chauffage + clôture
34-2015	M. et Mme Nick WARD	28, rue de Remich L-5460 Tintange	Extension d'une maison unifamiliale
14-2016	Christophe WEIS et Mme. Nathalie MULLER	10, am Härewengert L-6623 Wasserbillig	Construction d'une maison unifamiliale (Hinter Lautesch Lot 15)
22-2016	M.Ottavio TROPIANO	7a, rue de l'église L-5423 Ersange	Peinture de la façade + échafaudage
15-2016	M. David RECH et Mme Tamara KUMMER	2, rue principale L-6925 Flaxweiler	Construction d'une maison unifamiliale (Hinter Lautesch Lot 16)
16-2016	M. Norbert FILLEKES et Mme. Carole FEDERSPIL	3, steewee L-3317 Bergem	Construction d'une maison unifamiliale (Hinter Lautesch Lot 14)
29-2016	Mme. Geneviève DETILLOUX	2, rue de Moutfort L-5423 Ersange	Remplacement du toit
39-2016	M. Alain BOUR	6, rue Janglisbunn L-5548 Remich	Démolition d'une maison unifamiliale
07-2016	Société ENA ASMO	3, rue des Genêts L-1621 Luxembourg	Démolition d'une grange
40-2016	M. Jean HOPP	12, route de Remich L-5423 Ersange	Construction d'une terrasse
45-2016	M. MIGLIOSI et Mme MOCKEL	30 rue Jean-Pierre Bausch L-3713 Rumelange	Reprise de l'autorisation 09-2015 de M. WENIGER
46-2016	M. Jeannot BERNARD et Mme. Chantal MOCKEL	13, rue Jean Pierre Hippert L-5834 Hesperange	Construction d'un jardin d'hiver (Hinter Lautesch Lot 17)
33-2016	M. Georges BIRKEL	15, rue du Kiem L-5465 Waldbredimus	Abri de jardin
20-2016	M. Jeff SAX et mme. Anna-Maria STRILLACCI	2, rue Nico Klopp L-5403 Bech-Kleinmacher	Construction d'une maison unifamiliale (Hinter Lautesch Lot 28)





Beteiligung am regionalen Waldfriedhof in Moutfort

Participation au cimetière forestier régional à Moutfort

Gemeinderatssitzung vom 13. Juli 2016

Zu der von Bürgermeister Louis Oberhag geleiteten Gemeinderatssitzung, hatte sich die Rätin Mariette Colletin-Lippert entschuldigt.

Nach der Unterzeichnung von Einnahmen in Höhe von 578.766,37 Euro, sprachen sich die Gemeindevertreter für eine Beteiligung am regionalen Waldfriedhof in Moutfort aus. Dieser wird in Zusammenarbeit mit den Gemeinden Contern, Niederanven, Schüttringen und Sandweiler angelegt.

Lors de la réunion du mercredi 13 juillet 2016

Le Conseil communal est en nombre, le bourgmestre Louis OBERHAG préside la séance, la conseillère LIPPERT étant excusée.

Après la signature de titres de recette à hauteur de 578.766,37 €, le Conseil décide de se prononcer favorablement sur l'aménagement d'un cimetière forestier régional à Moutfort.

Après l'acceptation de la démission de l'éducatrice MARTINS VARELA avec effet au 1^{er} septembre 2016, l'employée THOMA est nommée au poste de fonctionnaire

Die Demission der Erzieherin Martins Varela zum 1. September 2016 wurde vom Gemeinderat zur Kenntnis genommen und die Beamtin Nadine Thoma als Gemeindefunktionärin in der Kindertagesstätte genannt.

Anschließend wurden zwei Posten als Erzieher(in) im Statut des Gemeindebeamten genehmigt, sowie die Entschädigung von geleisteten Überstunden einer Erzieherin in der Kindertagesstätte. Sämtliche Punkte wurden einstimmig genehmigt.

dans la carrière de l'éducateur. Le Conseil crée en outre deux postes d'employé communal dans la carrière de l'aide-éducateur, et accorde le paiement des heures supplémentaires prestées par une personne à la maison relais.

Toutes les décisions sont prises à l'unanimité des membres présents.





Personalangelegenheiten

Affaires du personnel

Gemeinderatssitzung vom 5. August 2016

Zu der von Bürgermeister Louis Oberhag geleiteten Gemeinderatssitzung hatte sich Schöffe Thomas Wolter entschuldigt.

Nach der Unterzeichnung eines Pachtvertrages erhielt der Gemeindetechniker Charel Faltz seine provisorische Ernennung als Gemeindefunktionär.

Des Weiteren wurden die Erzieherinnen Antonia Schroeder, Marion Gessner, Laura Mreches und Emeline Prespitero als Erzieherinnen in der Kindertagesstätte im Statut eines Gemeindebeamten eingestellt.

Ein weiteres Mandat als Delegierte der Gemeinde im Sozialbüro Remich ab dem 1. Januar 2017 erhält Pia Weis-Heischling.

Anschließend wurde die Liste der Lehrbeauftragten für den Religionsunterricht und der Laienmoral 2016/2017 genehmigt und dem GEIE "Terroir Moselle" ein außergewöhnliches Subsid in Höhe von 50 Euro zugesprochen. Sämtliche Punkte wurden einstimmig genehmigt.

Réunion du vendredi 5 août 2016

Le Conseil communal est en nombre, le bourgmestre Louis OBERHAG préside la séance, l'échevin WOLTER étant excusé.

Après l'approbation d'un acte de fermage, le Conseil nomme provisoirement M. Charel Faltz à la fonction d'ingénieur-technicien, mais aussi 4 personnes sous le statut d'employés communaux au sein de la maison relais « Am Kiischtennascht ».

Mme Pia WEIS-HEISCHLING reste la représentante de la Commune de Waldbredimus au sein de l'Office social commun de Remich. Ce renouvellement de mandat débute le 1^{er} janvier 2017.

Suivent l'approbation de la liste des enseignants de l'instruction religieuse et morale 2016/2017 et l'allocation d'un subsid au GEIE « Terroir Moselle ».

Toutes les décisions sont prises à l'unanimité des membres présents.



Erënnerung un de Georges Hansen vu Conter



De 9. Abrëll 2016 huet ons déi traureg Nouvelle vum Doud vun onsem Kolleg an Éirekommandant Georges Hansen erreecht. Nach e puer Deeg virdrun, méindes, de 4. Abrëll, war hien op der Übung. Et sollt déi leschte Kéier sinn, wou hien d’Pompjeesuniform gedroen huet.

Am Februar huet hie säi Mandat am Comité vum Fusiounscorps Pompjeeë Gemenge Conter-Waldbriedemes net méi verlängert. Hien ass fir säin onermiddlechen Asaz fir seng Pompjeeën a fir d’Allgemengheet geéiert ginn, duerch e Cadeau, mee virun allem duerch en unhalenden laangen Applaus, deen de versammelte Corps him entgéintbruecht huet.

Déi grouss Zuel u Pompjeeën, déi him um Begrëfnis déi leschten Eier erweisen hunn, bréngt zum Ausdrock, wéi déif d’Persoun Georges Hansen mat de Pompjeeë verwuerzelt war, sief dat um lokalen, regionalen oder nationale Plang.

De Georges huet, nieft senger Famill, senger Brennerei a sengem klengen Bauerebetrib fir d’Veräiner gelieft. Et goufen net vill Clibb am Duerf an deenen hien net op iergendeng Aart a Weis aktiv war, ënner anerem an der Chorale oder dem Uergelveräin. Am Club des Jeunes war hien 1967 ee vun de Grënnungsmemberen an hien huet nach 2016 d’Regie vum Theater vum CdJ gefouert. Zanter dass et de Festival vun der Bande Dessinée am Duerf gëtt, war hien och do mat dobäi.

Mee „Poalen“ Georges war och, a virun allem, ee Pompjee. Hien ass 1968 am Alter vu 16 Joer als aktive Member bäigetrueden. Am Joer 1976 gouf hien als Bäsëtzenden an de Comité gewielt. Säi Papp, den Théophile, war vun 1946 bis 1980 „Schriftführer“, an 1980 huet de Georges de Sekretärs-Poste vun him iwwerholl, eier hien 1984 Kommandant gouf vun de „Sapeurs Pompiers, Contern“. Hien huet dës Poste besat bis zum Joer 2013, wou de Corps opgeléist ginn ass a mat de Kollege vun de „Pompjeeë Moutfort-Méideng“ fusionéiert huet. Scho virun dëser Fusioun war de Georges

ëmmer fir eng gewëssen Zesummenaarbecht zwëschent den zwee Gemeengecorpsen. Eng Fusioun louch him awer laang Zäit net um Häerz. Dat hat mat senger Duerfverbonnenheet a mat sengem Bléck op d’Pompjeeswiesen, wou dat lokaalt Veräinsliewen eng grouss Roll gespillt huet, ze dinn. Allerdéngs, nodeems béid Corpsen aus eiser Gemeng de Wonsch zum Ausdrock bruecht hunn, fir zesummen an d’Zukunft ze goen, huet de Georges sech voll a ganz dofir agesat, fir dës Wee ze realisieren. Hien huet seng Erfahrung a säi Wësse mat an den Aarbechtsgrupp erbruecht, wou d’Fusioun preparéiert ginn ass. D’Struktur vum fusionéierte Corps, e gemeinsame Service an e separat Veräinsliewen, dréit och d’Handschrëft vum Georges. Am nei gegrënnte „Service d’Incendie et de Sauvetage“ war hie bis Ugang 2016 Mannschaftsvertrieeder. Gläichzäiteg huet de Georges d’Grënnung vum Veräin „Conter Pompjeeën a.s.b.l.“ 2013 geleet an och direkt d’Presidentschaft iwwerholl.

De Georges huet a senger Carrière als Kommandant en enormen, virun allem techneschen Opschwung am Rettungswiese materlieft, deen hien a senger Heemechtsgemeng och matgeprägt huet. Aus engem Duerfveräin ass lues a lues e Feierläsch- a Rettungsdéngscht entstanen. A senger Amtszäit sinn ë.a. agefouert ginn: d’Kommunikatioun iwwer Funk, Alarméierung iwwer „Piipserten“, nei Asaztenuen an nei Helmer, modernt Asazgeschier, asw. Wéi de Georges 1984 Kommandant ginn ass, hat de Pompjeescorps vu Conter ee Pompjeesunhänger (TSA), dee vun enger Willy’s Jeep aus dem 2. Weltkrich gezu gouf. Duerch säin Asaz goufen am Laf vun de Joere modern Pompjeesween ugeschafft: 1987 en Tankwon (TLF 1800), 1997 e Gerätewon an 2005 e Mannschaftswon. Zwou Woche virum Enn vu senger Amtszäit gouf feierlech en HLF20 als Ersatz fir den TLF 1800 ageweit. Wann et drëm gaangen ass nei Uschafungen ze maachen, war de Georges ëmmer bestreift nëmmen dat ze kafe, wat néideg war, an d’Geld net zur Fënster erauszegeheien, och wann et net „vu Sengem“ goug. Och huet hie seng Memberen dozou ugehalen, respektvoll mam Material ëmzegoen.

A senger Zäit bei de Pompjeeë war hie bei enger ganzer Partie Asaz dobäi, dorënner ënner anerem de

Brand vum Conter Waassertuerm Mëtt de 70er Joren, d'Stuermkatastroph vun 1990 mat uschléissende Bëschbränn, zwee Bränn um Scheedhaff 1991 an 1997, de Groussbrand „a Jorren“ 1995, d'Noutlandung vun engem Sportflieger tëscht Mutfert a Syren 2007 (de Georges huet de Fliger mat sengem Trakter aus der Wiss gezunn), zwee Groussbränn am Joer 2011 an der Industriezone an um Heederhaff, asw.

A senger Funktioun als „Chef de Corps“ huet hien sech net nëmmen ëm d'Pompjeeswiese bekëmmert, mee de Georges huet och ganz vill op d'Veräinsliewe gehalen a war deemno eigentlech och President. Hien huet vill Wäert drop geluecht al Bräich an Traditionne bäizehalen, respektiv nees opliewen ze loosse, sou zum Beispill d'Donatusprëssessioun.

Ënner sengem Impuls goufe vun 1994 un, während 3 Joer, Cabaretsvirstellungen organiséiert. Vun 1999 bis 2008 war et d'Organisatioun vu schottesch-ireschen Owender, déi ugangs en enorme Succès kannt hunn, dunn awer 2009 an 2010 vun engem „Country and Western“ Owend ofgeléist goufen. 1997 huet de Conter Pompjescorps 75 Joer gefeiert, an 2007 de Kantonaldag organiséiert. 2011 hunn d'„Security Days“ mat grousem Succès zu Conter stattfont. Dozou kommen eng Rëtsch Ausfluch a Gemeinschaftsübungen. D'Jugendpompjeeën huet hien ëmmer voll a ganz ënnerstëtzt an eng sëllegen Aktioun gestart fir déi Jugendlech fir d'Pompjeeswiesen ze begeeschten.

Dem Georges war Kommunikatioun an Zesummenaarbecht wichteg, net nëmmen tëscht deenen eenzele Leit, mee och tëscht de Veräiner, an hie war sech net ze schued fir d'Memberen heem sichen ze fueren, fir dass si op enger Manifestatioun sollten hëllef, sief dat um schotteschen Owend oder z.B. beim Cabaret. Hien huet déi eenzel Leit gutt kannt a woussst genee, wéi hien se huet missen upaken, fir se ze motivéieren. Dëst alles huet hie gemaach zum Wuel vun de Veräiner a fir den Zesammenhalt vum Duerf. De Georges huet sech awer och erkenntlech gewise vis-à-vis vun deene Leit déi eng Hand mat ugepaakt hunn, an et krut jiddereen op iergendeng Aart a Weis merci gesot, dofir huet hien och drop bestanen, fir d'Veräinsiesse bäizehalen, grad wéi den Ausfluch.

Am Kantonalcomité „Lëtzebuerg Land“ war hie vun 1988 bis 1990 Bäisëtzen a vun 1990 bis 2015 Kantonssekretär. Während enger Rei Joere war

hien dann och Kantonsersatzdelegéierten. A senger Funktioun als Kantonssekretär huet hien ënner dräi Kantonspresidente wäertvoll administrativ Aarbecht geleescht a war domat iwwer Joerzëngten d'Réckgrat vum Kantonsverband. Ugangs ass nach mat der Schreifmaschinn geschriwwen ginn, ier dann och de Georges d'Virdeeler vum Computer entdeckt huet. Dobäi huet hien et ëmmer nach virgezunn op der Hand ze schreiwen. Net vergiess si seng Joeresrapporten, déi hie sachlech, awer och heiansdo mat spatz-pickeger Riedensaart virgedroen huet.

E Liewe fir d'Pompjeeën, ... an doriwwer eraus. Sou kann een dem Georges säi Liewenswee aus eiser Siicht kuerz beschreiwen. Hie war bei allem derbäi: op Asaz, Übungen, Sortien, Prëssessiounen, E Noper beschreift et esou: „De Georges huet et fäerdeg bruecht, wann hie vum Feld kouw, mam Trakter an den Haff ze fueren, a wéi de Blëtz am Haus ze verschwannen. Mol keng 10 Minutten duerno war hien zeréck, gebigelt a gestrigelt a Gala Uniform a mam Fändel am Grapp.“ Wann de Georges eemol net derbäi war, da gouf et e richtege Grond. Ëmsou méi grous ass dat Lach, wat hien an eise Reien hannerléisst. Hie war fir vill Memberen e Virbild, an duerch säin Ëmgang mat de Leit a säi laangjäregen Asaz gouf de Georges net nëmmen zu Conter, mä wäit iwwert d'Grenze vum Duerf eraus respektéiert.

Äddi Georges. Äddi Frënd. Mir vergiessen dech net !

Deng Pompjeeskomeroden



Regionaldag



De 5. Mee war op Christi Himmelfahrt zu Éinen de Regionaldag vun de Pompjeeën aus der Regioun Osten, deem och d'Pompjeeë Conter-Waldbriedemes ugehéieren.

Nieft der Participatioun um offiziellen Deel mat 14 Jugdlechen an 24 Aktiven, war den SIS-CCW mat 2 Pompjeesween (Gerätewon mat Schlauchuhänger a First Responder Won) am Cortège vun de Gefierer vertrauden.

Eng Staffel vu 6 Leit huet mam LF21 bei enger Übung matgemaach, wou en Zëmmerbrand simuliert gouf, a wou dem Publikum zesummen mat enger zweeter Staffel vu Jonglënster déi nei „Chaîne de Commandement“ presentéiert gouf. Brandobjekt war de Brandcontainer vum SIS-CCW, deen den Organisateuren fir dësen Dag zur Verfügung gestallt gouf.



Generalversammlung 2016 vun der Trëntenger Bühn

E Sonndeg, de 29. Mee 2016, wor d'Generalversammlung vun der Trëntenger Bühn zu Waldbriedemes am Centre Jos Rennel. D'Presidentin Michelle Thurmes-Mathias huet d'Leit begrüsst, grad wéi d'Inviteeën, déi do woren: d'Madame Adèle Donven-Rossetti an den Här Maurice Gravier vun der U.G.D.A., den Här Buergermeeschter Louis Oberhag an de Schäfte Martin Bohler mat de Gemengenréit Jean-Claude Ruppert a Gaston Knepper. (Entschëllegt waren: Thomas Wolter, Fabio Secci a Mariette Lippert.)

D'Memberen kruten Merci gesot fir hiert Engagement an den Här Buergermeeschter fir d'Ënnerstetzung vun der Gemeng am Laf vum Joer.

Als Haaptpunkten stungen op der Dagesuerdnung d'Medaillen vun der U.G.D.A., déi d'Madame Donven-Rossetti an eise Buergermeeschter iwverreecht hunn.

Fir 30 Joer krut de Mike Thill d'Medaille de mérite en vermeil.

Ueschléissend huet eisen Här Buergermeeschter d'Wuert ergraff, eis e spezielle Merci gesot fir de kulturellen Asaz an der Gemeng an eis gutt Zesummenaarbecht gelueft. Och d'Madame Donven-Rossetti huet dem Veräin Gréiss iwverbruecht vun der U.G.D.A. an eis weider vill Erfolleg gewünscht.

De neie Komitee 2016 setzt sech zesummen aus:

Presidentin: Michelle Thurmes-Mathias

Vize President: Christian Greisch

Keessier: Mike Thill

Sekretär: Jean Thurmes

Memberen: Monique Wintringer-Feider,
Michèle Saeul-Schmit a Gilles Kremer

De Veräin besteet momentan aus 21 aktiven Memberen.

Mat engem gudde Mëttegiessen an der „Auberge de Trintange“ ass d'Generalversammlung ofgeschloss ginn.



Nuit du Sport

De SIS-CCW huet och bei der zweeter Editioun vun der „Nuit du Sport“ zu Conter an der Sportshal „um Ewent“ de 4. Juni 2016 deelgeholl.

Genee wéi 2015 gouf en Atelier mat Këschttestapelen organiséiert, just an duebeler Ausféierung. Et ass drëms gaangen, mat Gedrénkskëschten en Tuerm, op deem ee selwer steet, opzebauen, an esou héich wéi méiglech ze kommen. D’Kandidaten wore mat Seeler geséichert.

Den Atelier vun de Pompjeeën huet och dës Kéier erëm e grouse Succès kantt.




Rock und Pop in Waldbredimus

Am 5 Juni 2016 lud die Trëntenger Musek zu ihrem traditionellen Galakonzert ins Kulturzentrum in Waldbredimus ein. Dieses Jahr stand das Konzert unter dem Motto „Rock & Pop“. Mit Eye of the Tiger wurde das Konzert unter der musikalischen Leitung von Agnese Nikolovska eröffnet. Danach wurden zahlreiche Musikstücke aus der Rock- und Pop-Geschichte aufgeführt wie Coldplay Classics, Songs of Elvis, Michael Jackson Hit Mix oder Hard Rock Hallelujah. Die knapp 40 Musikanten der Trëntenger Musék wussten auch dieses Jahr wieder die zahlreichen Zuhörer durch ihr

Können und das abwechslungsreiche Programm zu begeistern.

Anschließend wurden insgesamt 8 Medaillen an verdienstvolle Musikantinnen und Musikanten im Beisein von UGDA-Vertreterin Monique Zeimet und Bürgermeister Louis Oberhag überreicht. Dies waren die Médaille de mérite en bronze (10 Jahre) für Shirine Pishvaie und Marina Wolter, die Médaille de mérite en argent (20 Jahre) für Michèle Hemmen, Sarah Kutten, Jessica Lauer, Carole-Lynn Mondloch und Henrike Wolter sowie eine Medaille de mérite en vermeil avec palmette (40 Jahre) für Fernand Hoss.

Foto: Jouko Menger



Nopeschfest...



... an der rue des Champs

Visite guidée Waldbredimus



T.d.T. Oetrange-Waldbredimus

Erneut auf der Erfolgspur angekommen.

Alle Mannschaften auf den vordersten Rängen, nur die Finanzlage ist rückläufig.



In der sechsten ordentlichen Generalversammlung des T.d.T. Oetrange-Waldbredimus konnte den Mitgliedern und Sympathisanten in Anwesenheit der Vertreter der beiden Gemeinden Contern und Waldbredimus

eine sehr positive sportliche Bilanz vorgelegt werden. Bei gleichgebliebenem Spielerpotential erlangten fast alle Mannschaften - nach einer leichten Flaute - wieder erste Ränge in ihren Gruppen und schafften den Aufstieg in eine höhere Division.

Wie bisher konnte der Vorstand sich auf seine Vereinsmitglieder verlassen und diese sorgten laut Sekretär Gilbert Godart auch letztes Jahr bei den traditionellen Veranstaltungen (Kéisowend a Kiermes) sowie beim 15. Syrdallcup für den notwendigen Erfolg, um die weitere Finanzierung der sportlichen Aktivitäten zu unterstützen. Nach drei erfolgreichen Jahren ohne Abstieg der ersten Mannschaft, präsentiert sich laut dem Verantwortlichen des Spielbetriebs Pit Lauer die sportliche Bilanz äußerst positiv. Die Anmeldung einer 8. Mannschaft unterstreicht die positive Weiterentwicklung, und einige aufstrebende Jugendspieler lassen auf weitere Erfolge in den kommenden Jahren hoffen. Bei den Jugendkategorien Jeunes, Cadets und Minimes erreichten die sechs Mannschaften denn auch vordere Plätze in ihren jeweiligen Bezirken und die Cadets konnten gar den Divisionsmeistertitel gewinnen. An Einzelleistungen sind die guten Leistungen von Mara Oms (vier 3. Plätze bei den Landesmeisterschaften und 4. Platz beim Kriterium/Juniors Mädchen) und von Krispin Wolter (7. Platz beim Kriterium/Juniors Jungen) hervorzuheben. Bei den Regionalmeisterschaften konnten 3 erste Plätze, 2 zweite Plätze und 2 dritte Plätze von folgenden Spielern belegt werden: Mara Oms, Olga Nemes, Kevin Jäger, Nandy Sipos, Dan Wintersdorff, Jeff Moes und Thierry Oms.

Der von Kassierer Patrick Reuter vorgetragene Kassenbericht weist eine ausgeglichene, wenn auch leicht strapazierte finanzielle Lage des Vereins auf. Die Kassenrevisoren konnten denn auch die Richtigkeit der Eintragungen bestätigen und vorschlagen, den Kassierer zu entlasten. Beim Haushaltsentwurf für 2016 wird erneut durch erhöhte Trainingskosten im Jugendbereich sowie dem zu erwartenden Rückgang der Einnahmen aus Veranstaltungen mit einer erheblichen Mehrbelastung der Kasse gerechnet.



Im vergangenen Jahr war der Verein durch Marco Schmit als Verantwortlicher der Öffentlichkeitsarbeit im Comité Directeur der FLTT vertreten. Unterstützt durch Jeff Moes wird das Jugendtraining teils durch Ludovic Wanin, ehemaliger Spieler in der obersten französischen Liga, sowie weiter durch die ehemalige deutsche Meisterin und Weltranglistenspielerin Olga Nemes geleitet. Mit Olga Nemes, Jean-Louis Lamarre, Dan Wintersdorff, Kevin Jäger und Jeff Moes strebt die erste Mannschaft den Verbleib in der Nationale 2 mit Zuversicht an. Die weiteren Mannschaften werden u.A. mit dem schrittweisen Einbeziehen der Jugendspieler für die Herausforderungen der kommenden Meisterschaft gewappnet sein.

Für das kommende Jahr setzt sich der Vorstand wie folgt zusammen: Marco Schmit, Präsident; Gilbert Godart, adm. Sekretär; Pit Lauer, techn. Sekretär; Patrick



Reuter, Kassierer sowie Guillaume Engel, Jeannot Doerfel, Jeff Moes und Xavier Schmit, Beisitzende.

Voll des Lobes äußerte sich Bürgermeister Louis Oberhag aus Waldbredimus über die Leistungen

des Vereins und sicherte ihm auch weiterhin die Unterstützung der Gemeinde zu. Das überarbeitete Subventionsreglement der Gemeinde Contern soll den Bedürfnissen aller Sportvereine besser gerecht werden und mit dem voraussichtlichen Einzug in den neuen regionalen ‚Pingpongssall‘ ‚um Ewent‘ in Contern wird sich ein weiterer Aufschwung für den T.d.T. Oetrange-Waldbredimus erwartet.

Die 1. Mannschaft, die mit (v.l.n.r.) Dan Wintersdorff, Jeff Moes, Olga Nemes und Kevin Jäger in der Meisterschaft 2015-16 den Aufstieg in die BDO-Liga erst nach den Barragespielen nur sehr knapp verpasste.

Siegerehrung bei der Landesmeisterschaft 2016 mit 4 dritten Plätzen für Mara Oms (Seite 16: 3. von rechts).

Éischt-Hëllef-Cours bei de Pompjeeën

Verschiede Gruppen hunn d’Pompjeeën an de leschte Méint besicht. Den 21. Juni 2016 wor et e Grupp vu behënnerte Kanner mat hiren Educatricen (dorënner d’Nancy Schlammes, eis Jugendleederin) an den 11. Juli d’Participante vum 1. Hëllefscours, deen zu Mutfert stattfonnt huet. Si kruten d’Material vum First Responder presentéiert a konnten den Ëmgang mat Feierläschcher trainéieren. Den 1. August wor e Grupp

aus der „Spillkëscht“ vu Mutfert zu Besuch bei de Pompjeeën. D’Kanner krute verschidde Pompjeesween an Equipementer virgestallt a konnten hier éischt Läschversich ënnerhuelen.



Trënteng Nationalfeiertag - *Fête Nationale*





Medaileniwwerreechung bei de Pompjeeë Conter-Waldbriedemes

Um Nationalfeierdag goufen zu Mutfert laangjäreg a verdéngschtvoll Membere vum Pompjeescorps Conter-Waldbriedemes géiert. D'Éierung ass vum Buergermeeschter Fernand Schiltz a Präsenz vun de Schäffen- a Gemengeréit vu Conter a Waldbriedemes virgeholl ginn.

Et goufen dekoréiert: Marvin a Warren Ashley (Bronzemedail fir 15 Joer Déngscht), Tom Schmit (Sëlwermedail fir 20 Joer Déngscht), David Weber (Goldmedail fir 25 Joer Déngscht), Yves Schumacher (Goldmedail mat Kroun a Croix de Mérite am Sëlwer fir 30 Joer Déngscht, dovun 20 als Chef de Corps), souwéi Luc Cordewener, Guy Jung a Jean-Pierre Medinger (Croix de Mérite am Sëlwer mat Kroun fir 40 Joer Déngscht).



Grillfest Pompjeeën Waldbriedemes

Den 25. an 26. Juni huet d'Amicale vun den Pompjeeën vun der Gemeng Waldbriedemes dat traditionellt Grillfest zu Waldbriedemes organiséiert.

Grillspezialitéiten iwwert zwee Deeg a sonndes Mëttes stoung ee Menü op dem Programm. Highlights wäere, wéi ëmmer, d'Gaufren vum Luc la Gaufre an d'Kotletten vum Till vum Grill.



Nationale Concours vun de Jugendpompjeeën

Fir de nationale Concours de 25. Juni zu Nidderfeelen hunn d'Jugendpompjeeë Conter-Waldbriedemes eng nei Concours-equipe zesummegeallt. Et hunn 8 Equipe vu Lëtzebuerg deelgeholl, vun deene Conter-Waldbriedemes déi eenzeg aus der Regioun Osten war. Op der 8. Plaz ware mir ganz houfreg als „Newcomer“ matgemaach ze hunn, a wënschen eis, datt an Zukunft nach méi nei Equippen un de Start ginn.

FEUERWEHRHINDERNISÜBUNG

- Fehler am Hindernis je Fall 10 P.
- Offenes Kupplungspaar je Fall 20 P.
- Falsches Verlegen der C- Löschleitung je Fall 10 P.
- Liegegebliebenes o. verlorenes Gerät je Fall 5 P.
- Falsch a. Gerätegestell abgel. Gerät je Fall 10 P.
- Falsch angefertigter Knoten je Fall 10 P.
- Falsches Arbeiten je Fall 10 P.
- Sprechen während der Arbeit je Fall 10 P.

Matgemaach hunn:

1. Ronck Andy-Gruppenkommandant
2. Villar Vargas Jeremy
3. Reuter Felix
4. Hamoniaux Arthur
5. Pishvaie Pol
6. Muller Sarah
7. Sharapova Lisa
8. Felten Eric
9. Mackenzie Thomas
10. Reiland Christophe - Reserve (well de Gruppenkommandant um Concours krank war, ass de Reservemann agesprongen)



71. Kiischtefest zu Trënteng

50. International IVV-Vollekswanderung

E Sonndeg, den 3. Juli 2016 hunn d'Trëntenger Musek an d'Trëntenger Kiischtetrëppler hiert 71. Kiischtefest zu Trënteng op der Duerfplaz organiséiert. Dëst Joer war et déi 50. International IVV-Vollekswanderung vun 5, 10 an 20 km.

Ugefaang huet den Dag mam traditionelle Kiischtemaart mat Kiischteprodukter. Am spéide Moien war e Concert vum Kannerchouer „Melimelo cz-sk-lu“. Mëttes stoungen Wirschtercher mat Gromperenzalat, Spezialitéite vum Grill an dëst Joer ganz nei: Fliiten um Menu. D'Kanecher Musek huet de Concert-Apéritif gespillt.

Am Nomëtten huet de Musikveräin Salmrohr e.V. aus Däitschland e weidere Concert presentéiert. Uschléissend huet den Néckel mam Akkordeon beim Thé Dansant fir e flotten Ofschloss vum Kiischtefest 2016 mat Danz- an Ënnerhaltungsmusek gesuergt.

